MÉDIATHÈQUE ¦ SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

Conseil communal

13 août 2021

Présents : les échevins Guy Scholtes (LSAP) et Marc Bissen (LSAP), les conseillers communaux Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) et André Noesen (déi gréng); le secrétaire communal f.f. Marco Haas

Excusés : le bourgmestre Félix Eischen (CSV)

Début de la séance : 08.30 heures.

A huis clos

1. Structures d'accueil de la commune de Kehlen - Démission d'un éducateur diplômé

Le conseil communal a approuvé unanimement la démission d'un éducateur diplômé.

2. Structures d'accueil de la commune de Kehlen - Nomination d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (aide-éducateur)

Une aide-éducatrice a été nommée avec 10 voix pour, dans la carrière C1.

3. Structures d'accueil de la commune de Kehlen - Décision concernant le dossier d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif

7 conseillers ont approuvé la décision proposée par le collège échevinal et 3 conseillers se sont abstenus.

Séance publique

Tous les points de l'ordre du jour ont été approuvés à l'unanimité des voix des membres présents du conseil communal, sauf les points 3, 4 et 11.

Communications

Marc Bissen (LSAP) informe que la route entre Keispelt et Schoenfels sera barrée le weekend du 21 et 22 août dû au « Vëlo-summer 2021 ». Ensuite, il communique que la commune de Kehlen s'était inscrite au Tour du Duerf qui aura lieu en date du 10 septembre 2021. Finalement, il informe qu'à partir de la semaine prochaine, 3 distributeurs de jeux « Spillbutteker » seront installés dans la Commune. Ceci à Olm, près du Précoce, à Keispelt près du « Dem Café » et à Kehlen, près de la pharmacie. Ces « Spillbutteker » sont des vieux distributeurs de cigarettes convertis en distributeurs de jeux. Pour 8€ par pièce les gens puissent s'acheter des jeux de société, développés par un citoyen de la commune de Kehlen.

En outre, une vieille cabine téléphonique, convertie en bibliothèque, sera installée près du Précoce à Olm. Vu que la commune n'a reçu qu'une cabine à l'instant, Lucien Koch (CSV) informe qu'il s'occuperait d'en procurer encore 5 pour l'installation dans les autres villages de la commune de Kehlen. Romain Kockelmann (CSV) trouve qu'il s'agit d'une superbe idée et qu'à Ettelbruck il a déjà vue de telles cabines.

Guy Scholtes (LSAP) parle de la catastrophe naturelle des 14 et 15 juillet dernier et souligne que le pays est encore aux prises pendant un certain temps. Il remercie toute personne, soit privée, pompier, paysan, du service de régie communal, etc., qui a aidée lors de cette catastrophe. Il précise qu'on voit très bien la cohésion entre les voisins. Ensuite, il remercie le service de régie communal pour leur aide à diverses communes, e.a. Rosport-Mompach et Mersch, lors des weekends ou durant la semaine. Il est très important que des gens soient aidés lors de telles situations. Nous avons quand-même eu de très grande chance, si on compare notre situation à celle de nos voisins allemands.

Le Tour de Luxembourg prévoit une étape à travers Kehlen en septembre. Le circuit débutera à Mamer vers Kehlen. Mais le tracé exact n'a pas encore été communiqué à la commune. Les informations devront suivre dans les prochains jours.

Ensuite, le parti politique « déi gréng » a introduit un courrier au collège échevinal en date du 9 août 2021, auquel Guy Scholtes donne ses précisions. Le parti a posé des questions et a fait les constatations suivantes :

- Suivant la procédure du Projet d'Aménagement Particulier Quartier existant (PAP QE) les citoyens n'auraient pas de possibilité de réclamation et ne seraient pas inclus au projet.

  Dans la procédure actuelle du PAP QE, les décisions sont publiées et les citoyens peuvent ainsi faire recours près du tribunal administratif pendant un délai de 3 mois.

- Dans le cadre du PAP QE, un vieux chêne a été enlevé à Nospelt.

  Vu qu'un arbre isolé n'est pas protégé par la loi, le chêne a été enlevé sans autorisation préalable et sans connaissance des membres du conseil communal.

- Suite à la procédure du PAP QE, la densité urbaine serait trop élevée.

  La densification urbaine est un phénomène normal qui est en train d'augmenter partout. En outre et jusqu'à présent le parti « déi gréng » a toujours demandé la création de l'espace de vie.

- Suivant la même procédure PAP QE, la commune n'a pas de revenu, vu qu'elle ne puisse pas facturer suivant les infrastructures.

  La commune a très bien des revenus avec de tels projets, vu qu'elle peut demander par immeuble une taxe, comme p.ex. pour le raccordement au réseau d'eau potable ou à la canalisation, ainsi qu'une taxe d'infrastructure. La commune est remboursée ainsi des frais.

- Les problèmes d'inondations augmentent, dû à la construction dense des immeubles. Les mesures actuelles ne sont pas suffisantes.

  Suite à la construction dense de bâtiments, les problèmes d'inondations augmentent effectivement. La commune a effectué un tas de projets pour réagir contre les inondations et de réduire les problèmes existants. Depuis un certain temps, les canaux ainsi que le bassin de captage de pluie sont régulièrement contrôlés et débouchés en cas de bouchage.

- Des zones à risques (zones non-aedificandi) devraient être identifiés au niveau du Plan d'Aménagement Général (PAG). Des habitations dans des zones dangereuses devraient être soumis à des conditions spéciales, comme p.ex. pas de sous-sol, …

  Les zones à risque (zones inondables) ne sont pas fixées par les communes,

mais par le ministère compétent. Dans notre cas précis, il s'agit que du « Äischdall » et du « Mamerdall ». Vu qu'au nouveau PAG la hauteur à la corniche des constructions a été augmentée, la profondeur de mise au sol des bâtiments a été par conséquent diminuée. Bien à préciser que lors des derniers déluges, il ne s'agissait pas d'inondations normales, mais d'une catastrophe naturelle.

4. Administration Communale de Kehlen - Création d'un poste d'employé communal pour les besoins du 'Biergerzenter' dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif

Le conseil communal approuve avec 8 voix pour et 2 abstentions (déi gréng) la création de poste pour un employé communal pour les besoins du « Biergerzenter », dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif.

5. Structures d'accueil de la commune de Kehlen - Création de dix postes d'employé communal dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducateur diplômé)

Pour avoir une petite réserve de postes, surtout si la maison relais d'Elmen ouvrira ses portes, le conseil communal a approuvé la création de 10 postes pour les besoins des structures d'accueil de la commune de Kehlen.

6. Devis supplémentaire et crédit supplémentaire relatif au renouvellement du revêtement du terrain synthétique au Stade Albert Berchem à Kehlen

Dû à la crise actuelle, la livraison ainsi que les matériaux sont rares, les membres du conseil communal ont voté un crédit supplémentaire de 250.000,00 Euros, ainsi que le devis supplémentaire de 773,699,94 Euros quant au renouvellement du revêtement du terrain synthétique au Stade Albert Berchem à Kehlen.

7. Devis relatif à l'extension de la conduite d'eau potable entre Keispelt et Direndall

Le devis relatif à l'extension de la conduite d'eau potable entre Keispelt et Direndall, pour le montant de 78.624,00 Euros, a été approuvé par le conseil communal.

8. Devis relatif à l'extension du réseau de l'éclairage de Noël en les différentes localités de la commune de Kehlen

Suite à la proposition du service technique d'élargir le réseau d'éclairage de Noël, un devis supplémentaire de 72.200,00 Euros a été approuvé.

9. Décision de principe concernant la transformation d'une partie de la maison Lippert à Kehlen en des logements sociaux pour jeunes

La proposition du collège échevinal, de transformer une partie de la maison Lippert à Kehlen en des logements sociaux pour jeunes a été approuvée.

10. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier « nouveau quartier » au lieu-dit « Iwwert der Kräizhiel » à Nospelt

Le conseil communal approuve la modification ponctuelle du PAP « nouveau quartier » au lieu-dit « iwwert der Kräizhiel » à Nospelt.

11. Convention relative au lotissement de terrains et à la construction d'immeubles dans la rue d'Olm 10 à Nospelt

La convention signée entre le collège échevinal et la société Immoflex S.à.r.l. de Grevenmacher en date du 25 juin 2021 a été approuvée avec 8 voix pour et 2 abstentions (déi gréng).

12. Dénomination officielle des rues en la commune de Kehlen

Vu la réalisation d'infrastructures dans le cadre du lotissement au lieu-dit « Auf den Strachen » à Keispelt en la rue Pierre Dupong, ainsi que dans le cadre de la construction d'une ferme isolée à Nospelt en direction de Roodt, 2 rues à Keispelt (« op de Strachen » et « op der Wiss ») et 1 rue à Nospelt (« Pënchert ») ont été nouvellement dénommées.

13. Avis relatif à la proposition de classement comme monument national de l'immeuble sis 4 rue de Dondelange à Nospelt

Le conseil communal a favorablement avisé la propose du ministère de la culture de classer comme monument national l'immeuble sis 4 rue de Dondelange à Nospelt.

14. Avis relatif à la proposition de classement comme monument national du « Kanounentiirmchen » sis 9 rue de Keispelt à Kehlen

Les membres du conseil communal se sont mis d'accord sur le report à la prochaine séance du conseil communal, du point sur la proposition de classer comme monument national le « Kanounentiirmchen » sis 9 rue de Keispelt à Kehlen, pour se procurer de plus amples informations.

15. Procès-verbal d'adjudication publique de divers lots de terrains sis à Kehlen et crédit supplémentaire

Le collège échevinal a participé en date du 5 juillet 2021 à une adjudication publique lors de laquelle il a acquis 10 parcelles de 298,70 ares en total pour un montant de 645.000,00 Euros. Le conseil communal a approuvé le procès-verbal de la vente publique et a voté un crédit supplémentaire de 500.000,00 Euros.

16. Acte notarié divers à Kehlen

Le conseil communal a approuvé l'acte notarié signé en date du 7 juillet 2021 entre le collège échevinal et la société RE-Lux constructions S.à.r.l. de Strassen par lequel la commune acquiert la parcelle n°1715/6053 de 0,15 ares dans la rue des Champs à Kehlen pour un montant de 105,00 Euros.

17. Règlement communal concernant le transport scolaire

Vu le récent incident lors de la récupération d'enfants du préscolaire, le service enseignement a proposé d'adapter le règlement sur le transport scolaire. Ceci a été approuvé par les membres du conseil communal.

18. Nominations et démissions des membres des commissions consultatives communales

A. La candidature de M. Jean-Claude Pellin, sans relation avec un parti politique, pour devenir membre à la commission de la jeunesse, a été approuvée par le conseil communal.

B. La démission de Madame Christiane Rübensaat de la commission de l'égalité des chances et de la famille a été approuvée par le conseil communal.

C. La démission de Madame Christiane Rübensaat de la commission du 3e âge a été approuvée par les membres du conseil communal.

19. Aide aux victimes touchées par les inondations du 14 et 15 juillet 2021 et crédit supplémentaire

Vu la récente catastrophe naturelle qui a affecté une partie de notre pays, le conseil communal a approuvé la propose du collège échevinal d'octroyer, sur demande de la commune de Rosport-Mompach et de la ville d'Echternach, un don de chaque fois 5.000,00 Euros aux associations « Rouspert-Mompech hëlleft ASBL » et à celle de la Ville d'Echternach.

20. Confirmation de règlements de circulation d'urgence du collège des bourgmestre et échevins

Le conseil communal confirme 2 règlements de la circulation d'urgence édicté par le collège des bourgmestre et échevins concernant la rue de Kopstal à Kehlen, ainsi que le chemin vicinal entre Dondelange et Nospelt.

Tous les rapports peuvent être consultés sur notre site Internet sous la rubrique "Mediathek" (www.kehlen.lu/mediatheque) ou scannez simplement le code QR.

Gemengerot

13. August 2021

Present: d'Schäffen Guy Scholtes (LSAP) a Marc Bissen (LSAP), d'Gemengeconseillere, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV); Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär f.f. Marco Haas

Entschëllegt: De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV)

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

Geschlosse Sëtzung

1. Structures d'accueil – Kënnegung vun engem Educateur diplômé

De Gemengerot huet eestëmmeg d'Kënnegung vun engem Educateur diplômé ugeholl.

2. Structures d'accueil – Nominatioun vun engem Gemengen Employé an der Karriär C1 (aide-éducateur)

Mat 10 Jo-Stëmme gouf eng aide-éducatrice an der Karriär C1 noméiert.

3. Structures d'accueil – Decisioun bezüglech dem Dossier vun engem Gemengenemployé an der Karriär B1, sous-groupe administratif

7 Conseilleren hunn déi proposéiert Decisioun vum Schäfferot ënnerstëtzt an 3 Conseilleren hunn sech enthalen.

Ëffentlech Sëtzung

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, mat Ausnam vun de Punkten 3, 4 an 11.

Matdeelungen

De Marc Bissen (LSAP) deelt mat dass de Weekend vum 21. an 22. August d'Strooss tëscht Keespelt a Schëndels, wéinst dem Vëlosummer 2021, gespaart ass. Des Weideren ass d'Gemeng Kielen och fir den Tour du Duerf den 10. September 2021 ugemellt. Weiderhin informéiert hien, dass nächst Woch am ganzen 3 Spillbutteker an der Gemeng opgeriicht ginn. An zwar 1x zu Ollem beim Precoce, 1x zu Keespelt beim Dem Café an 1x zu Kielen bei der Apdikt. Bei deene Spillbutteker handelt et sech am al Zigarettenautomaten, déi restauréiert an ëmfunktionéiert goufen. An deene Spillbutteker fënnt ee fir 8€ d'Stéck, Gesellschaftsspiller, déi e Bierger aus der Gemeng entwéckelt huet.

Beim Precoce zu Ollem gëtt och eng al Telefonskabinn opgeriicht, déi als Bicherschaf ëmfunktionéiert gëtt. De Service Régie ass dobäi dës an d'Rei ze setzen. Bis elo huet d'Gemeng Kielen just 1 Telefonskabinn krit, mee de Lucien Koch (CSV) këmmert sech ëm d'Beschafe vun deene feelende 5 Kabinnen fir an deenen aneren Dierfer vun der Gemeng Kielen ze installéieren. De Romain Kockelmann (CSV) fënnt dëst eng super Aktioun a deelt mat, dass där Kabinnen och zu Ettelbréck stinn.

De Guy Scholtes (LSAP) ernimmt d' Naturkatastroph vum 14. a 15. Juli 2021 a betount dass d'Land nach ganz laang mat de Nowierkungen ze kämpfen hätt. Hie seet jidderengem e grousse Merci, dee bei dëser Katastroph gehollef huet, op Privat, Pompjee, Bauer, Regiebetrieb, etc. Dorunner gesäit een dass et awer nach Zesummenhalt a Noperschaftsgefill tëscht de Mënsche gëtt. Dëst verdéngt e gousse Merci. Och e grousse Merci un d'Personal vum Regiebetrieb, déi, op an der Woch oder de Weekend, a verschiddene Gemenge gehollef hunn, wéi ënner aanerem, zu Rouspert-Mompech an zu Miersch. Et ass immens wichteg ze wëssen, dass d'Leit, an esou Situatiounen, anere Leit a Nout hëllefen. Trotzdeem hate mir grouss Chance, dass et net esou war wéi bei eisen Däitschen Noperen.

Am September ass och virgesinn, dass den Tour de Luxembourg duerch Kielen fiert. De Circuit soll zu Mamer ugoen an da weider duerch Kielen. Den Tracé selwer ass awer nach net bekannt. D'Informatioune wäerte wuel déi nächst Deeg kommen.

Dann hunn "déi gréng" e Bréif de 9. August 2021 un de Schäfferot geschéckt, wou de Guy Scholtes Stellung dozou hëlt. D'Partei déi gréng huet folgend Froe gestallt a Feststellunge gemaach :

- Duerch d'Prozedur vum Projet d'Aménagement Particulier Quartier existant (PAP QE) hätten d'Awunner keng Méiglechkeet ze reklaméieren a wiere net esou gutt agebonnen.

  An där aktueller Prozedur vum PAP QE ass et esou, dass d'Decisiounen ausgehaange ginn an d'Bierger kënne wärend 3 Méint beim Tribunal administratif Recours areeschen.
- Am Kader vum PAP QE wier zu Nouspelt eng al Eesch ewech geholl ginn.

  Vu que dass en eenzelne Bam net duerch d'Gesetz geschützt ass, ass de Bam ouni Geneemegung an ouni d'Wësse vun de Conseilleren ewech geholl ginn.
- Duerch d'Prozedur vum PAP QE ass d'Bevëlkerungsverdichtung ze héich.

  D'Bevëlkerungsverdichtung ass e normale Phenomen, deen iwwerall ëmmer méi zouhëlt. Des Weideren huet d'Partei "déi gréng" bis elo ëmmer d'Schafe vu Wunnraum gefuerdert.
- Duerch d'Prozedur vum PAP QE verléiert d'Gemeng Suen, well si se iwwert d'Infrastrukturen net méi ka froe fir eran ze huelen.

  D'Gemeng verléiert keng Sue bei esou Projeten, well si pro "immeuble" Taxe freet, fir z.B. den Uschloss un den Drénkwaasserreseau an un de Kanal, sou wéi och eng Infrastrukturtax. Iwwert dëse Wee krit d'Gemeng hier Suen erëm eran.
- Duerch déi staark Verdichtung kréie mer ëmmer méi Problemer mam Waasser. Déi aktuell Moossname géint d'Waasser gi net duer.

  Effektiv trieden duerch déi staark Verdichtunge méi Héichwaasserproblemer op. D'Gemeng huet a leschter Zäit awer vill gemaach, fir deene Problemer entgéint ze wierken an se esou ze reduzéieren. Säit enger Zäit ginn d'Ofwaasserkanäl an d'Reewaasseropfänkbecke reegelméisseg kontrolléiert an gebotzt, falls dës verstoppt wieren.
- Um Niveau vum Plan d'Aménagement Général (PAG) missten Zones à Risques (Zones non-aedificandi) ausgewise ginn. Schonn am Bautereglement missten Haiser, déi op geféierlësche Plaze stinn, spezielle Konditiounen ënnerleien, wéi z.B. kee Keller, … .

  D'Zones à risque (Zones inondables) ginn net vun der Gemeng festgeluecht, mee vun dem zoustännege Ministère. An eisem Fall wier dat just den Äischdall an de Mamerdall. Doduerch dass am neie PAP d'Héischt vun der Corniche vun de Gebaier eropgesat gouf, gouf d'Déift wéi d'Gebaier an de Buedem gesat goufen erofgesat. Sief bemierkt, dass et sech bei deem rezenten Héichwaasser awer och net em normal Iwwerschwemmunge gehandelt huet, mee em eng Naturkatastroph.

4. Gemeng Kielen – Kreatioun vun engem Posten als Gemengenemployé fir de Biergerzenter, an der Karriär B1, sous-groupe administratif

De Gemengerot huet mat 8 Jo-Stëmmen an 2 Enthalungen (déi gréng) de Posten vum Gemengenemployé an der Karriär B1 fir de Biergerzenter gestëmmt.

5. Structures d'accueil – Kreatioun vun zéng Posten als Gemengenemployé an der Karriär B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducateur diplômé)

Fir an Zukunft eng kleng Reserve u Posten ze hunn, virun allem, wann d'Maison Relais op Elmen bis opgeet, huet de Gemengerot déi 10 Poste fir d'Structures d'accueil vun der Gemeng Kielen gestëmmt.

6. Zousätzlechen Devis a Kredit bezüglech der Erneierung vum Belag vum syntheeteschen Terrain am Stade Albert Berchem zu Kielen

Well duerch déi aktuell Kris d'Material net erbäi kënnt an och méi deier ginn ass, huet de Gemengerot e Crédit supplémentaire vun 250.000,- Euro, sou wéi en zousätzlechen Devis vu 773.699,94 Euro gestëmmt bezüglech der Erneierung vum Belag vum syntheeteschen Terrain vum Stade Albert Berchem zu Kielen.

7. Devis bezüglech der Vergréisserung vun der Drénkwaasserleitung tëscht Keespelt an dem Direndall

Och den Devis, fir e Montant vun 78.624,- Euro, fir d'Vergréisserung vun der Drénkwaasserleitung tëscht Keespelt an dem Direndall gouf vum Gemengerot ugeholl.

8. Devis bezüglech der Vergréisserung vum Reseau vun der Chrëschtbeliichtung an deene verschiddenen Dierfer vun der Gemeng

Op dem Service Technique seng Propose hin, fir de Reseau vun der Chrëschtbeliichtung ze erweideren, gouf en zousätzlechen Devis vun 72.200,- Euro gestëmmt.

9. Décision de principe bezüglech dem Ëmbau vun engem Deel vun der Maison Lippert zu Kielen, a Sozialwunnenge fir Jugendlecher

Dem Schäfferot seng Propose fir d'Zëmmeren iwwert dem Café Lippert zu Kielen a sozial Wunnenge fir Jugendlecher ëmzebauen, gouf vum Gemengerot gutt geheescht.

10. Modification ponctuelle vum PAP "Nouveau quartier" um lieu-dit "Iwwert der Kräizhiel" zu Nouspelt

D'Modification ponctuelle vum PAP "Nouveau quartier" um lieu-dit "iwwert der Kräizhiel" zu Nouspelt gouf vum Gemengerot ugeholl.

11. Konventioun bezüglech der Opdeelung vun Terraine fir de Bau vu Gebaier op 10 Rue d'Olm zu Nouspelt

D'Konventioun déi de 25. Juni 2021 tëscht dem Schäfferot an der Societéit Immoflex Sàrl vu Gréiwemaacher ënnschriwwe gouf, gouf ma 8 Jo-Stëmmen an 2 Enthalungen (déi gréng) vun de Membere vum ugeholl.

12. Offiziell Stroossenimm an der Gemeng

Duerch d'Realisatioun vun den Infrastrukturen am Kader vum Lotissement um lieu-dit "Auf den Strachen" zu Keespelt an der rue Pierre Dupong, sou wéi am Kader vum Bau vun engem fräistoende Bauerenhaff a Richtung Ruedt, goufen zu Keespelt 2 nei Stroossen ("op de Strachen" an "Op der Wiss") an zu Nouspelt ("Pënchert") genannt.

13. Avis bezüglech der Propositioun fir d'Gebai op 4, rue de Dondelange zu Nouspelt als Monument national ze klasséieren

De Gemengerot huet en avis favorable op d'Propose hin vum Kulturministère, fir d'Gebai op 4, rue de Dondelange zu Nouspelt als Monument national ze klasséieren, gestëmmt.

14. Avis bezüglech der Propositioun fir de "Kanounentiirmchen" op 9, rue de Keispelt zu Kielen als Monument national ze klasséieren

D'Membere vum Gemengerot waren Averstanen, fir de Punkt iwwer d'Schütze vum Kanounentiirmchen zu Kielen op déi nächst Sëtzung vum Gemengerot ze reportéieren, fir sech weider Informatioue kënnen ze procuréieren.

15. Procès-verbal d'adjudication publique vu verschiddene Louse vun Terrainen zu Kielen an en Zousazkredit

De 5. Juli 2021 huet de Schäfferot op enger ëffentlecher Vente, 10 Parzelle vun am ganzen 298,70 Ar gesteet, dëst fir e Montant vu 645.000,- Euro. De Gemengerot huet dem Procès-verbal vun der Stee, sou wéi engem zousätzleche Kredit vu 500.000,- Euro zougestëmmt.

16. Notairesakt zu Kielen

De Gemengerot huet dem Akt, deen de 7. Juli 2021 tëscht dem Schäfferot an der Societéit RE-Lux Constructions Sàrl vu Stroossen, fir d'Parzell n°1715/6053 vu 0,15 Ar an der rue des Champs zu Kielen, fir 105,- Euro ze kafen, zougestëmmt.

17. Gemengereglement bezüglech dem Schoultransport

Duerch rezent Problemer beim Ofhuele vu Kanner aus der Spillschoul, gouf d'Reglement bezüglech dem Schoultransport, op Propose vum Service Enseignement, ugepasst. De Gemengerot huet deem zougestëmmt.

18. Nominatiounen an Demissioune vun de Memberen aus de berodende Kommissiounen

A. Dem Här Jean-Claude Pellin vu Keespelt seng Kandidatur fir Member, ouni politesch Relatioun, an der Jugendkommissioun ze ginn, gouf vum Gemengerot ugeholl.

B. Der Madamm Christiane Rübensaat hier Demissioun aus der Chancëgläichheets- a Familljekommissioun gouf vum Gemengerot ugeholl.

C. Der Madamm Christiane Rübensaat hier Demissioun aus der Seniorekommissioun gouf vum Gemengerot ugeholl.

19. Hëllef un d'Affer vun den Iwwerschwemmunge vum 14. a 15. Juli 2021 an en Zousazkredit

Duerch déi rezent Naturkatastroph, déi verschidden Deeler vum Land uerg getraff huet, huet de Gemengerot d'Propose vum Schäfferot guttgeheescht, fir, op Demande vun de Gemenge Rouspert-Mompech an Iechternach, en Don vu jeeweils 5.000,- Euro, fir d'Associatioune "Rouspert-Mompech hëlleft ASBL" an der Gemeng Iechternach, ze maachen.

20. Verkéiersreglementer

De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot seng 2 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier an der Koplescherstrooss zu Kielen, sou wéi dem Feldwee tëscht Dondel a Nouspelt, ze reegelen.

Foto: Danielle Theis

All Berichter kënnen op eisem Internetsite an der Rubrik „Mediathéik" nogekuckt ginn (www.kehlen.lu/mediatheque) oder scannt einfach de QR-Code